LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Affaires générales

Luxembourg, le 27 juillet 2017

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
02 AOUT 2017

Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne: question parlementaire N° 3099 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Kartheiser.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 27 juillet 2017

Monsieur le Président de la Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Réponse du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 3099 du Député Fernand Kartheiser

Als Äntwert op d'Fro vum honorabelen Deputéierten wëll ech d'éischt betounen, wéi wichteg mer den Dialog mat de Schüler an hire gewielte Vertrieder op nationalem Niveau ass. Et ass op d'Initiativ hi vun der Conférence nationale des élèves du Luxembourg (CNEL), datt ech viru kuerzem de Schüler vun 2e d'Ännerungen am Premièresexamen erklärt hunn, sou wéi se vum Schouljoer 2017/2018 un applizéiert ginn.

Och um Niveau vun de Schoule spillen d'Schülercomitéën eng wichteg Roll : am Kontext vun den aktuelle Reforme kann ech mer zum Beispill net virstellen, datt een Direkter e Plan de développment de l'établissement scolaire (PDS) ausschaffe géif ouni eng aktiv Bedeelegung vun de Schüler.

D'CNEL leescht a mengen Aen eng ganz sënnvoll a wichteg Aarbecht, ënnert anerem duerch d'Formatiounen, déi si fir d'Schülercomitéen organiséiert. Wat d'Finanzéierung ubelaangt, ass et esou, datt d'Conférence Générale de la Jeunesse du Luxembourg (CGJL) vum Staat e Budget vun 210.835 € zur Verfügung gestallt kritt, dëst fir d'Joer 2017. Dovu si 15.000 € fir d'CNEL reservéiert. Mat deem Budget finanzéiert d'CNEL d'Formatioune fir d'Schülercomitéen.

Fir datt si hir Missioun efficace kënnen erfëllen, ass et wënscheswäert, datt d'Schülercomitéen iwwer finanziell Mëttele verfügen. An der Tabell hei drënner stinn d'Krediter – fir 2017 – déi de Schülercomitéën an deene eenzelne Lycéeën am Kader vun der Gestion séparée zur Verfügung gestallt goufen.

Centre de coûts 2120 - Schülercomité: Kreditter 2017, pro Lycée	
Lycée	**Kredit 2017**
Lycée technique du Centre	200,00
Lycée Hubert-Clément	1 305,00
Athénée de Luxembourg	3 100,00
Lycée de Garçons de Luxembourg	2 852,00
Lycée Michel-Rodange	2 000,00
Lycée technique agricole	300,00
Lycée des Arts et Métiers	500,00
Lycée technique Ecole de Commerce et de gestion	500,00
Lycée technique d'Esch	267,00
Lycée technique d'Ettelbruck	1 000,00
Lycée technique hôtelier Alexis Heck	500,00
Lycée technique Joseph-Bech	500,00
Lycée Josy Barthel	550,00
Lycée Michel-Lucius	1 000,00
Lycée Nic-Biever	2 000,00
Lycée classique d'Echternach	500,00
Lycée classique de Diekirch	500,00
Lycée Robert Schuman Luxembourg	1 000,00
Lycée du Nord	2 800,00
Lycée technique Mathias Adam de Pétange	2 500,00
Lycée technique pour professions de santé	500,00
Atert-Lycée	300,00
Lycée Ermesinde	1 000,00
Lycée technique pour professions éducatives et sociales	1 500,00
Ecole de la 2e chance	0,00
Lycée Bel-Val	500,00
Sportlycée	250,00
Lënster Lycée	1 000,00
Ecole internationale de Differdange	1 000,00
Total	**30 424,00**

D'Montantën, déi an der Tabell ugi sinn, sinn déi vun der urspréngleche Verdeelung vun der Dotatioun, déi d'Lycéeën zur Verfügung gestallt kruten, esou wéi se vum Conseil d'éducation approuvéiert goufen. Deels kommen se bei d'finanziell Reservë bäi, déi d'Schülercomitéen accumuléiert hunn.

Do dernieft ginn ech ze bedenken, datt an e sëlleche Lycéeë verschidde Fraisën, déi duerch d'Aktivitéite vum Schülercomité entstinn (Material, Fotokopien), iwwer aner « Centres de coûts » lafen wéi deen deen an der Tabell détaillert gëtt (« Administration générale » oder « Service de photocopie » zum Beispill). Et ass mer awer net méiglech, déi genee Montantën ze chiffréieren.

Heiraus geet ervir, datt d'Beträg ganz staark variéiere vun engem Gebai zum aneren.

Bei Gebaier, déi keng Sue fir de Centre de coûts 2120 virgesinn hunn, ginn d'Aktivitéite vum Schülercomité entweder iwwer eng motivéiert Demande un d'Direktioun vum Lycée finanzéiert, oder iwwer dee Betrag, deen am Centre de coûts accumuléiert gouf.

An der Optik vun enger Valoriséierung vun der Aarbecht vun de Schülercomitéën, wäert ech de Gebaier recommandéieren :

- de Schülercomitéen e minimale Budget vu 500 Euro pro Joer zur Verfügung ze stellen;
- de Membere vun de Schülercomitéë Certificatën ausszestellen, déi hiert Engagement attestéieren.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse